Lycée Josy Barthel Mamer

Mamer, le 2 juillet 2020

Madame, Monsieur, chers parents,

Par la présente, nous tenons à vous informer qu'à partir de la semaine prochaine nous pourrons enfin organiser des activités sportives parascolaires au sein de notre lycée. Ces activités sont à titre volontaire et auront lieu directement après l'horaire normal en vigueur (8h15-11h50), c.à.d. de 11h50 à 13h15, respectivement de 11h50 à 14h00 (uniquement pour le VTT). De même votre enfant mangera à midi (sa Frupstut, son sandwich) en compagnie du professeur d'éducation physique responsable de l'activité. Bien sûr le déroulement des activités se fera dans le respect de toutes les préconisations sanitaires (règles de distanciation physique, gestes barrières, nombre limité de participants, etc.).

Comme aucun transport scolaire ne sera organisé par le lycée à la fin des activités parascolaires, nous tenons à vous informer que le retour de votre enfant devra être organisé par vos propres soins.

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, chers parents, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Christnach
Directeur

*Si votre enfant souhaite participer à une des activités proposées, nous vous prions de remplir le talon ci-joint et de le remettre au professeur d'éducation physique au début de la première séance.*

---

Je soussigné(e)..........................................................mère/père/tuteur/tutrice

de l'élève.................................................. de la classe ...............................

autorise ma fille/mon fils à participer à l'activité ...................................... organisée par les professeurs d'EPS du LJBM.

En outre, je déclare sur l'honneur avoir plein exercice de l'autorité parentale à l'égard de l'enfant.

*Lu et approuvé,*

Date : ______________________ ______________________

*Signature des parents/tuteurs*

Mamer, de 2. Juli 2020

Léif Schüler aus dem Mamer Lycée,

# Endlech rëm Schoulsport

Nodeem mir iech iwwer 3 Méint weder Sportcoursen nach Sportsektiounen ubidde konnten, geet et déi nächst Woch endlech rëm lass. Mir wäerten iech all Dag 1 bis 2 verschidden ausserschoulesch Sportsaktivitéiten ubidden.

D'Aktivitéite lafen all Dag direkt no der Schoul vun 12h15 bis 13h15 oder bis 14h00. Do virdrunner ab 11h50 wäert dir ënnert der Opsicht vum Sportsproff vun ärer Sportsektioun op enger am Viraus definéierter Plaz iesse kennen (är Frupstut, äre Sandwich). No der Sportsektioun musst dir iech selwer em den Heemtransport këmmeren. De genee'e Programm fannt dir ënnert dësem Text.

Am wichtegste bei all deem ass, dass mir déi sanitär Virgabe vun der Regierung respektéieren (gestes barrières, social distancing, Hänn wäschen, asw.). Dofir musst dir iech och am Viraus fir eng Sportsektioun umellen (iwwer Teams), d'Plaze sinn nämlech limitéiert. En plus mussen är Elteren eng Fiche ënnerschreiwen, woumadder si hiren Accord fir är Participatioun ginn (Fiche um Enn vun dësem Message).

## Wéi kanns du dech umellen?

1. Du muss am Microsoft Teams dem Team **Sportsektioun LJBM** bäitrieden:
   - ➔ an der Rubrik "Teams" op "Einem Team beitreten oder ein Team erstellen" klicken
   - ➔ „Einem Team mit einem Code beitreten"
   - ➔ Code: **4jt4xl5**
2. Am Team **Sportsektioun LJBM** klicks du op den **Channel** mat der Sportsektioun (Sportart an Dag), déi dech interesséiert. Do schreifs du ënnert **Beiträge**, dass du un där Sportsektioun deelhuele wëlls.
3. De Proff, deen déi Sportsektioun leet, mellt sech bei dir a gëtt dir weider Prezisiounen.
4. Du léiss d'**Fiche** um Enn vun dësem Message vun dengen Elteren ënnerschreiwen a bréngs se mat an déi éischt Sportsektiounsstonn oder posts ee Screenshot dovun am Channel vun denger Sportsektioun. Vergiess se net, well soss kenne mir dech net matmaache loossen !

## Plang vun de Sportsaktivitéiten

| | Méinden | Dënschden | Mëttwoch | Donneschden | Freiden |
|---|---|---|---|---|---|
| **12h15 - 13h15** | Réckschlag-spiller (TT, Bad.) (max. 12 Schüler) | Fitness (max. 12 Schüler) | Réckschlag-spiller (TT, Bad.) (max. 12 Schüler) | Réckschlag-spiller (TT, Bad.) (max. 12 Schüler) | Réckschlag-spiller (TT, Bad.) (max. 12 Schüler)<br><br>Fitness (max. 12 Schüler) |
| **12h15 - 14h00** | | | Mountain-Bike (max. 6 Schüler) | | Mountain-Bike (max. 6 Schüler) |

- Ausser beim Mountainbike sinn iwwerall maximal 12 Schüler zougelooss.
- Huelt eng Drénkfläsch mat, déi dir um Krunn opfëlle kënnt.
- Den Accès zu de Vestiairen an den Duschen ass limitéiert.

### Allgemeng gëllt:

- ✓ Maskepflicht bis an de Vestiaire resp. bis an d'Sportshal
- ✓ Ouni Mask, 2 Meter Ofstand halen
- ✓ Hänn desinfizéieren éier dir an d'Hal kommt
- ✓ Reegelméisseg d'Hänn wäschen
- ✓ Keen Sportmaterial mat engem aneren tauschen